Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, den 22.1.2026

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- Fuerscher vum „Luxembourg Centre for Educational Testing" vun der Uni Lëtzebuerg an enger Etüd *(„Early childhood education and care in Luxembourg")* hiren eegenen Aussoen no festgestallt hunn, datt et grouss Ënnerscheeder gëtt tëscht de fréikandleche Betreiungsstrukturen am Land an datt een net genau weess, *„wie und in welchem Maß dort Sprachen gefördert werden"*;

ass sech bewosst, datt

- vill Elteren am Land sech beschwéieren, datt bei hirem Kand an der Crèche keen oder bal kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt, an dat obschonns d'Gesetz vum 29. August 2017 iwwert d'Kannerbetreiung ënner anerem festhält, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an den alldeeglechen an „usuellen" Aktivitéite vun der Crèche benotzt soll ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- eng Etüd an Optrag ze ginn, déi d'Qualitéit vun de Crèchen hei am Land systematesch ënnersicht, speziell am Hibléck op d'Sproochefërderung, an hei besonnesch op d'Fërderung vum Lëtzebuergeschen.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742